jet gesot. Et bleift mir nach, him Merci ze soe fir déi Aarbecht an den Accord ze gi vu menger Partei.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Meyers. Dann huet d'Wuert d'Madame Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer *(DP).*- Merci, Här President. Ech wëll mech deem Merci ganz kloer uschléissen un de Rapporteur. Dëse Projet de loi huet eng grouss Aktualitéit, vu datt mer wëssen, wat am Juni op eis duerkënnt. De Bureau centralisateur huet seng Preuvë bruecht an den nationale Wahlen, an den Europawahlen a Gemengewahlen. An dofir ass et nëmmen normal a richteg, datt mer dat och elo fir de Referendum virgesinn.

Dofir brëngen ech och heimat ganz kloer den Accord vu menger Fraktioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madame Polfer. Nächste Riedner ass den Här Claude Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech wëll och just dem Rapporteur Merci soe fir säi gudde mëndlechen a schréftleche Rapport an ech brëngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Reding.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Här President. Och ech wollt mech deene Wierder uschléissen a mir wäerten dat Gesetz do och matstëmmen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An dann nach den Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Jo, Här President, mir stëmmen dat selbstverständlech, dass e Bureau centralisateur ageriicht gëtt bei deem Referendum. Et bleift elo just nach ze hoffen, dass dee Referendum méiglechst seriö an objektiv kann organiséiert ginn. An dann, mengen ech, hu mer domat eppes Wichteges gemaach fir d'Demokratie am Land.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Urbany. An d'Wuert huet den Här Statsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, ech wëll dem Här Bodry, dem Här Meyers, der Madame Polfer, dem Här Adam, dem Här Reding an dem Här Urbany Merci soe fir hir konstruktiv Aussoen an ech schléisse mech dann all deenen Aussoen och un a soen dem Här Bodry Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Statsminister. Da kënne mer direkt zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 6719.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6719 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung huet ugefaangen. D'Procuratiounen. An de Vote ass ofgeschloss.

Mir hunn Unanimitéit a mer wäerten déi Korrekture maache bei deene Kolleegen, deenen hir Maschinn net fonctionnéiert huet.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6719 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Félix Eischen), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Paul-Henri Meyers), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gilles Baum), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel (par M. Serge Urbany) et Serge Urbany.

Da géif ech nach d'Fro stellen, ob d'Chamber d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn.

(Assentiment)

Villmools Merci, dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen, de Projet de loi 6518 iwwert de Jugement sur accord; dat bedéngt eng Ännerung vum Code d'instruction criminelle. Et ass nach Zäit, fir sech anzeschreiwen. D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Alex Bodry.

(Brouhaha)

Wann ech gelift, et huet elo am Moment just den Här Rapporteur d'Wuert!

6. 6518 - Projet de loi modifiant le Code d'instruction criminelle afin d'y introduire le jugement sur accord

Rapport de la Commission juridique

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi dréit et sech ëm eppes méi Fundamentales wéi dat, wat mer elo grad hei op déi Schnelle diskutéiert an ofgestëmmt hunn. Et geet ëm eng fundamental Neierung an eisem Strofsystem, déi mer eis virgeholl hunn, elo hei anzeféieren.

Et ass ee Projet, deen am Ursprong nach op déi viregt Regierung zréckgeet. En ass den 3. Januar 2013 hei vum Minister Biltgen deponéiert ginn. Dës Regierung huet en iwwerholl, a mir hunn och an etleche Sitzungen an der zoustänneger, an der juristescher Kommissioun iwwert deen heiten Text diskutéiert, fir d'Éischt iwwert de Prinzip an duerno am Detail.

E puer Zuele vläicht, fir eis e bëssen an déi Matière vun der Strofjustiz eranzebréngen. 50.000 bis 60.000, dat ass d'Zuel vun de penalen Affären, mat deenen all Joer d'Parquete vu Lëtzebuerg an Dikrech befaasst ginn. Et ass net den Total vun allen Affären, mä et ass den Total vun den zousätzlechen Affären, déi all Joer hei zu Lëtzebuerg bei deenen zwee Parqueten enregistréiert ginn. 50.000 bis 60.000, dat war de Schnëtt vun deene leschte Joren.

Ëm 15.000, kann ee schätzen, dat ass ongeféier den Total vun de klasséierten Affären, déi sech aus deenen doten Dossieren erginn. Et kënnt dann d'Zuel vun den Uerteeler derbäi, wou natierlech d'Ordonnances pénales mat abegraff sinn. An da kënnt ee wahrscheinlech op eppes iwwer 10.000 pro Joer. Dat sinn alles perséinlech Schätzungen allerdéngs, déi ech hei soen, well aus de Rapports d'activités net am Detail eigentlech déi Zuelen do ervirginn, wat eigentlech ze bemängelen ass.

Et bleift also ënnert dem Strëch nach ëmmer ongeféier d'Halschent vun den Dossieren, wou der Joer fir Joer iwwer 20.000 bäikommen, ouni evakuéiert ze ginn am selwechte Joer.

Déi puer Fakten do maachen also dee Bierg vun Aarbecht däitlech, virun deem net nëmmen de Parquet, d'Statsanwaltschaft, mä och d'Polizei an d'Geriichter stinn. Dëse Stock vun den onofgeschlossenen Dossiere gëtt vu Joer zu Joer méi grouss an domadder natierlech och d'Erausfuerderung fir eis Justiz an de Rechtsstat, fir deen dote Bierg vun Affären - stänneg wuessende Bierg vun Affären - uerdentlech ofzewéckelen, wéi dat sech fir e moderne Rechtsstat gehéiert.

Et ass keen Zweifel, dass d'Lëtzebuerger Justizwiesen zënter geraumer Zäit - et ass kee rezente Phenomeen, mä et bestäerkt sech ëmmer méi - sécherlech un d'Grenze vu senge Capacitéite stéisst. Laang Délaien, eventuell onzefridde Justiciabelen, Prescriptiounen, sinn d'Konsequenze vun dësem Bierg vun Dossieren a Prozeduren.

Eng Hëllef bei der Beschleunegung vun de Strofprozedure gëtt sech mat der Aféierung vun der Iddi vun der „transaction pénale" - oder, wéi mer et elo nennen, dem „jugement sur accord" - versprach.

Et geet drëm, mat där heiter dach fundamentaler Neierung ze erreechen, dass eng Rei vun Affäre méi schnell, awer gradesou uerdentlech kënnen ofgewéckelt ginn, wéi dat an de gängege Prozeduren haut de Fall wär.

Ëm wat geet et? Et geet eigentlech ëm eng Eenegung tëschent der Statsanwaltschaft an dem Verdächtegten oder dem Beschëllegten iwwert d'Scholdfro an d'Strofmooss bei Delikten a bestëmmte Verbriechen. De Beschëllegte gëtt seng Schold zou a kritt am Géigenzuch e schnellt Uerteel zu akzeptabele Konditiounen, am Regelfall wahrscheinlech mat enger gewëssener Strofminderung par rapport zum Normalfall.

Dësen Accord tëschent Parquet a Beschëllegten, deen an all Stadium vun der Prozedur praktesch bis zur Uerteelsspriechung kann ofgeschloss ginn, muss an ëffentlecher Sitzung vum Strofgeriicht akzeptéiert ginn. Dat ass a graffe Wierder dee System, wéi en elo hei zu Lëtzebuerg proposéiert gëtt.

Dee Lëtzebuerger Modell - well et ass en echte Lëtzebuerger Modell, et ass net einfach eng Kopie vun iergendengem ähnleche Modell, dee géif an engem vun eisen Nopeschlänner bestoen - vun der Transaction pénale - och emol „plaider-coupable" genannt - garantéiert eng Berodung vum Beschëllegten, Transparenz an Interventioun vun engem onofhängege Riichter, deen net Partei an de Verhandlungen iwwer Schold a Strofmooss war. D'Rechter vun den Affer bleiwen intakt.

Dëse Gesetzesprojet versicht déi Neierung vun engem négociéierten Accord bei Strofdoten am Respekt vun den Haaptregele vun eisem Code d'instruction criminelle anzeféieren. Hei gëtt probéiert, esou wäit wéi méiglech net ze derogéiere par rapport zu den allgemenge Bestëmmunge vun eiser Strofprozessuerdnung. Och respektéiert de Gesetzesentwort a senger éischter wéi och a senger definitiver Versioun an enger Rei vun Amendementen, déi mer och an der zoustänneger Kommissioun ugeholl hunn, d'Bestëmmunge vun der Europäescher Konventioun vun de Mënscherechter an och d'Jurisprudenz vun de Stroossbuerger Riichter.

Dës Reform ass - dat muss ee gläichzäiteg soen - en zolitte Broch mat där traditioneller Opfaassung vun eisen Instruktiouns- a Strofverfahren an och vun der Roll vum Parquet.

An alle Länner - an et sinn der vill -, wou dëse System agefouert ginn ass, nach virun deem Akt hei vu Lëtzebuerg, ass am Virfeld oft hefteg diskutéiert ginn. Et kann een dat deelweis an der belscher, an der franséischer Literatur nach noliesen. Och gi regelméisseg emol Geriichter, wéi och dat däitscht Verfassungsgeriicht, befaasst mat Kloen, wat dann hire System ugeet a senger praktescher Uwendung.

Mä et muss een awer och gradesou soen, obwuel bei der Aféierung déi dote Prozeduren oft kritesch begleet si gi vun eenzelne Stellen, dass awer a kengem Land, menges Wëssens, déi Neierung ofgeschaaft ginn ass, well se sech als falsch erwisen hätt an hirer praktescher Uwendung. D'Transaction pénale, also den „jugement sur accord", ass net an allen, mä an deene meeschten europäesche Länner e Bestanddeel vun der Strofprozessuerdnung ginn.

Mä den Ursprong, muss ee wëssen, kënnt aus dem angelsächsesche Recht, et sinn Amerika, England, Kanada, déi eigentlech déi doten Iddi vun der Négociatioun a Strofprozesser scho méi laang kennen, mä awer no hire Regelen, wat net déi sinn, déi eis sinn. Duerfir däerf een also net ze vill sech e Bild maachen iwwert déi eng oder aner Fernsehserie oder Fernsehfilm, wou een deen dote System an der amerikanescher Applikatioun gesäit. Dat ass net onbedéngt dat, wat elo hei zu Lëtzebuerg wäert ënnert dem Begréff vum Jugement sur accord agefouert ginn.

Ech stellen esouguer fest, dass eenzel Länner, déi en éischte Schrëtt an déi Richtung gemaach hunn, wéi eist Nopeschland d'Belsch, déi d'Transaction pénale scho kennen, elo d'Regierung wëlles huet, dee System auszedehnen an op en „plaider-coupable" vun allgemenger Natur wëllt reforméieren.

A Frankräich besteet déi sougenannten „comparution sur reconnaissance préalable de culpabilité" zënter dem Joer 2004, an och an Däitschland gëtt et dat sougenanntent „Verständigungsgesetz", dat esou Transaktioune virgesäit, awer wou de Riichter selwer vill méi eng staark Inzidenz an deem Ganzen huet, wou mir ganz kloer hei en Trennstréch zéien tëschent Parquet a Beschëllegten op där enger Säit an engem onofhängege Geriicht op där anerer Säit, wat deen Accord muss am Endeffekt guttheeschen.

D'Bundesverfassungsgeriicht huet an engem Uerteel vun 2013 kloergemaach, dass an hirem Kontext informell Ofsproochen onzoulässeg sinn. Et ass selbstverständlech och eppes, wat zu Lëtzebuerg net méiglech ass, well an där ganzer Prozedur hei op vill Formalitéiten an op Schréftlechkeet vun deem Accord gehale gëtt.

Et bleift och - an dat, mengen ech, kënnt een disposéieren op Lëtzebuerg -, dass d'Geriicht weider d'Flicht huet, fir de Sachverhalt ze kläre. Den Accord däerf deemno net déi eenzeg Grondlag vum Uerteel sinn, wat schlussendlech geholl gëtt.

An d'Geriichter vu Karlsruhe hu besonnesch och op d'Transparenz an d'Dokumentatiounsflicht higewisen, déi och am däitsche Recht bestinn. Och dat ass zu Lëtzebuerg de Fall, Transparenz an Dokumentatiounsflicht gëllen och fir de Lëtzebuerger Modell.

Och den Europäesche Geriichtshaff vun de Mënscherechter hat scho bei e puer Affären d'Geleeënheet, fir d'Conformitéit vun esou engem System vun der Transaction pénale ze ënnersichen am Zesummenhang mat enger Rei vun Dispositioune vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun, notamment d'Recht op e faire Prozess an d'Recht och op en „double degré de juridiction en matière pénale".

An och do ass prinzipiell gesot gi vun de Riichter vu Stroossbuerg, dass dat an der Rei ass. Allerdéngs sinn dräi Bedéngunge genannt ginn, dräi Bedéngungen, déi mer an eisem Lëtzebuerger Projet erfëllen. Dat ass, dass dee Verzicht, deen de Bëschëllegte mécht, muss eendeiteg sinn. Et musse minimal Garantië fir de Beschëllegte bestoe bleiwen, fir gewësse Mëssbräich auszeschalten, déi kënnen an esou enger Prozedur vu Verhandlungen entstoe wéinst dem méiglechen Ongläichgewiicht tëschent de Parteien, Parquet op där enger Säit a Beschëllegten op där anerer Säit. An drëttens: Den Accord däerf selbstverständlech net op Drock oder op falsch Verspriechen hin entstane sinn.

D'Stroossbuerger Riichter hunn och akzeptéiert, dass d'Berufungsrecht eventuell méi ageschränkt ass, wéi dat am Normalfall ass. Dat ass hei zu Lëtzebuerg net de Fall. An deem System, dee mer proposéieren, besteet eigentlech en onageschränktent Appellsrecht, wéi dat och am Normalprozess de Fall ass.

De Gesetzesprojet ass also am volle Respekt geschriwwe gi vun den internationalen Normen an deem dote Beräich, an dem Statsrot säin Avis ass eigentlech e Spigelbild gewiescht vun deene méi prinzipielle Bedenken, déi och am Ausland zu deem dote System geäussert gi sinn.

A wann d'Kommissioun och am Ufank reservéiert war an där doter Fro, hu mer eis awer notamment och vun den Argumenter vun de Vertrieder vun de Parqueten, déi aktiv eigentlech sech fir deen dote Projet agesat hunn, wéi och vun den Argumenter vun de Vertrieder vum Barreau iwwerzeege gelooss, dass am Lëtzebuerger Modell, wéi en elo konzipéiert ass, och a senger definitiver Versioun no den Amendementer vun der zoustänneger Kommissioun, déi dote Bedenken eis net als gerechtfertegt schéngen an dass de Lëtzebuerger Modell also de Risiko vun enger Zwouklassejustiz respektiv de Risiko vun engem Erzwénge vu falsche Scholdageständnisser wäitgehend hëlleft auszeschléissen.

Eng honnertprozenteg Garantie huet een ni, mä hei sinn awer déi néideg Garde-fouen agebaut ginn an dee ganze System, fir dass déi dote Risikoen, déi een oft an den Diskussiounen, an der Doktrin erëmfënnt, sech bal net méi kënnen hei zu Lëtzebuerg stellen.

Duerch d'obligatoresch Assistenz vun engem Affekot - jiddwereen, dee sech wëllt an eng Transaction pénale erabeginn, muss duerch en Affekot assistéiert ginn, an den Affekot wäert herno och mussen dee schréftlechen Accord au préalable mat signéieren, fir kloerzemaachen, dass en och seng Berodungsfonctioun iwwerholl huet -, duerch och virun allem de vollen Ermiessungsspillraum, deen de Strofriichter behält hei am Lëtzebuerger System - wann en Accord tëschent Parquet an engem Beschëllegten ofgeschloss ginn ass, da kënnt dat Ganzt an ëffentlech Sitzung, an de Strofriichter oder d'Strofriichteren behalen am Fong e vollen Ermiessungsspillraum.

Net nëmmen also maache se eng formal Kontroll, ob alles richteg gelaf ass, mä si kucken och den Dossier inhaltlech, fir sech eng Meenung driwwer ze maachen, a si kënne selbstverständlech deen Accord och oflehnen, wa se mengen, dass eppes net an der Rei wär an deem ganzen Dossier.

De verschiddene formellen Oppositiounen, déi de Statsrot a sengem éischten Avis hat, konnt d'Kommissioun an engem definitiven Text Rechnung droen. Dee leschte Sträitpunkt, deen nach bliwwe war, dat war d'obligatorescht Bäiwunne vum Beschëllegte bei der Verhandlung herno virum Strofriichter. An do hu mer eis schlussendlech gëeenegt, dass mer en allgemenge Renvoi géife maachen op den Artikel 185 vum Code d'instruction criminelle, deen déi dote Fro regelt a wou de Prinzip ass, dass natierlech den Ugeklote soll viru Geriicht erschéngen, mä dass ënner gewëssen Ëmstänn awer dat Erschéngen net muss sinn an et duergeet, wa säin Affekot da viru Geriicht optrëtt. Hei gëtt also och do keng speziell Regelung am Endeffekt virgesinn.

Ech wëll awer vläicht e bësse méi am Detail och op eenzel Punkte vun deem Text hei agoen, wéi dee ganze System elo ka fonctionnéieren.

Fir d'Éischt emol de Champ d'application - e wichtege Punkt. Bei wat gëllt en?

Deen heite Gesetzesprojet gëllt net fir d'Kontraventiounen, e gëllt haaptsächlech fir Delikter respektiv och fir eenzel Verbriechen, wann duerch Circonstances atténuantes et esou ass, dass fir och déi Verbriechen nëmmen eng maximal Strof vu bis zu fënnef Joer Prisong ka verhaange ginn. Mir sinn net hei op de Wee gaangen, fir eenzeg, spezifesch Delikter oder Crimmen a priori aus dem Champ d'application vun deem heite Gesetz erauszehuelen, wéi déi eenzel aner Länner gaange sinn.

Zweete Punkt: d'Initiativrecht. Ech hunn et scho gesot, d'Initiativrecht ass gedeelt. D'Initiativ, fir esou en Accord ofzeschléissen, kann entweder vun dem Verdächtegten oder dem Beschëllegten ausgoe respektiv kann och vum Parquet ausgoen.

Dat Ganzt muss a schréftlecher Form geschéien, wou och d'Délaie virgesi sinn. Ee Mount, wou op déi prinzipiell Offer muss geäntwert ginn, a schlussendlech muss am Prinzip bannent véier Méint, mat der Méiglechkeet vun enger weiderer Verlängerung, déi ganz Transaktioun ofgeschloss ginn, fir ze verhënneren, dass dat hei eng Manœuvre dilatoire gëtt, fir am Fong nëmmen d'Prozesser an d'Längt ze zéien. Selbstverständlech doduerjer, dass iwwert d'Transaktioun verhandelt gëtt tëschent Parquet a Beschëllegten, ass natierlech d'Prescriptioun ënnerbrach an déi spillt dann an deem heite Fall net méi.

Drëttens: Wat ass den Inhalt vun deem Accord, deen ofgeschloss gëtt?

Deen Accord muss d'Oplëschtung vun de Faiten - ganz wichteg, vun alle Faiten - begräifen, iwwert déi sech déi Verhandlung an deen Accord bezéien, déi Faiten ervirsträichen, déi de Verdächtegten ausdrécklech unerkannt huet, wou en d'Schold also bekannt huet. Eventuell mildernde Ëmstänn, wa se ufalen, mussen an deem Accord mentionnéiert ginn. All Haapt- an Niewestrofen, déi sollen ausgesprach ginn, mussen och schréftlech festgehale ginn. D'Décisiounen iwwert d'Restitutiounen an d'Fraise vun der Poursuite geféieren an dee schréftlechen Accord an och d'Décisiounen, déi solle geholl ginn iwwer Entschiedegungsdemanden, déi bekannt sinn, mat engem Délai an dem Montant, deen de Verdächtegte schonn elo unerkennt.

Ech hu gesot, de Statsanwalt, deen derfir zoustänneg ass, de Verdächtegten oder Ugekloten a säin Affekot mussen dat Ganzt ënnerschreiwen. A bis zur Veruerteelung virum Strofgeriicht kann also esou een Accord ofgeschloss ginn. Et ass allerdéngs fraglech, ob de Parquet bereet wär, nach an allerleschter Minutt esou en Accord ofzeschléissen, wann d'Affär scho praktesch virum Strofgeriicht gelant ass.

Véierte Punkt: Wat sinn d'Rechter vun den Affer? Dat, mengen ech, ass e wichtege Froekomplex.

D'Affer sinn net direkt an déi Transaktioun mat implizéiert - dat muss ee ganz kloer soen. Si brauchen net den Accord ze ginn a si kënnen och kee Vetorecht géint esou en Accord maachen. Mir sinn hei net an der Médiation pénale, wat en Täter-Opfer-Ausgläich ass. Hei si mer an engem ganz anere Konzept dran.

Nach sinn awer och déi Leit, déi Schued erlidden hunn, mat implizéiert. Si ginn informéiert, wann déi Transaktioun an enger ëffentlecher Sitzung da sollt diskutéiert an och vum Geriicht doriwwer décidéiert ginn. Si kënne sech also do zu Wuert mellen a viru Geriicht optrieden.

Si kënne sech allerdéngs net dem Accord opposéieren, mä de Riichter muss se froen, ob se eventuell d'accord si mat deem, wat elo an der Transaktioun virgesinn ass, fir den ziville Volet eigentlech vun deem Ganzen. Wa se d'accord sinn, da gëtt dat aktéiert, da gëtt et e Bestanddeel vun de Veruerteelungen; wann net, da verweist de Strofriichter, dat ass d'Chambre correctionnelle vum Bezierksgeriicht, op d'Zivilchamber vun deemselwechte Bezierksgeriicht, wou deen zivilrechtleche Volet da kann ofgeuerteelt ginn. Dat ass also eigentlech och net fundamental anescht, wéi dat oft haut am ordinäre Strofverfahren de Fall ass.

Wat sinn d'Pouvoire vum Geriicht, dat also saiséiert gëtt - vun deenen zwou Parteien, Parquet a Beschëllegten -, bei engem Accord, dee se fonnt hunn?

D'Geriicht statuéiert iwwert d'Scholdfro, fir d'Faiten, déi doranner unerkannt sinn. Et kontrolléiert d'Legalitéit vun de virgeschloene Strofen an et kontrolléiert och, ob se adequat sinn - also net nëmmen eng reng formal Kontroll, mä och ob se wierklech ugepasst sinn op déi Strofdot, déi eigentlech hei zougi gëtt.

D'Geriicht hëlt dann en Uerteel iwwer all déi dote Froen. Et kann net vum Accord ofwäichen, et muss den Accord tel quel iwwerhuelen. Wann do Erreurs matérielles dra sinn, déi nach kënne rectifizéiert ginn, weist d'Geriicht drop hin. Da kënnen d'Parteie sech do eens setzen an der Sitzung. Wann dat net méiglech ass, dann ass eigentlech déi Prozedur do eriwwer.

Wann d'Geriicht zum Schluss kënnt, dass d'Schold net erwisen ass oder dass d'Strof net adequat ass respektiv dass eenzel Elementer vun deem Accord net an der Rei sinn, da muss den Tribunal correctionnel feststellen, dass den Accord échouéiert ass, an d'Parteie ginn erëm eng Kéier op de Verfahrensstand zréckverwise virun deem doten Accord. Géint en Uerteel, wat do geholl gëtt vun dem Tribunal correctionnel, besteet Appell- a Rekursméiglechkeet.

Wat sinn d'Konsequenze vun deem Uerteel?

Mat deem Uerteel, dat den Accord iwwerhëlt, hält d'Action publique op. Dat heescht also am Kloertext, wéinst deeneselwechte Faiten, deene Faiten, déi mentionnéiert sinn an deem Accord, kann - och wann nei Elementer kommen - net méi eng nei Enquête ugekuerbelt ginn. D'Zivilkloe vu Geschiedegte sinn duerch dat doten net betraff.

Gëtt den Accord duerch de Riichter ofgelehnt, ginn all d'Piècen, all Dokumenter vum Accord zerstéiert an déi ganz Prozedur ass caduc, wéi wa se eigentlech ni bestanen hätt. An déi Deklaratioun wéi och déi Piècen däerfen herno net spéiderhin an där Prozedur évoquéiert ginn. Et ass, wéi gesot, wéi wann do ni esou en Accord bestanen hätt iwwer eng méiglech Transaktioun.

Et ass och wichteg vläicht drop hinzeweisen, dass och den Untersuchungsriichter, wa schonn en Untersuchungsriichter mat dër Affär befaasst ass, dass den Untersuchungsriichter net kann esou einfach désaiséiert gi vun esou engem Dossier, well elo Parquet a Beschëllegte sech eens sinn, fir a Richtung Transaction pénale ze goen. E gëtt säin Avis doriwwer of an e ka sech esouguer opposéieren, dass en déi Affär do ewechgeholl kritt. Allerdéngs muss en dat motivéieren. A géint déi doten Décisioun, déi en hëlt, besteet natierlech och eng Rekursméiglechkeet.

Et ass, Dir Dammen an Dir Hären, eng interessant Neierung, déi mer hei maachen. Et ass och eng Form, déi a Frankräich eng gewëssen Importenz hat. Ech hunn eng Statistik gesinn, dass praktesch 10% vun den Affären a Frankräich iwwert deen dote Wee vun der Transaction pénale eigentlech ofgewéckelt gi sinn. Mir stinn eréischt am Ufank vun dër doter Neierung.

Ech mengen och kënnen ze soen am Numm vun de Kommissiounsmemberen, dass mer der Meenung sinn, dass de Parquet sollt mat Bedacht eigentlech déi doten Neierung uwenden. Si selwer soten, si gesinn zwou Matièren, wou een dat dote kéint haaptsächlech asetzen. Dat ass en matière de délits à la circulation, wou een et kéint maachen, awer och a ganz komplexen Affären, wou vill Devoirs d'instruction am Ausland musse gemaach ginn, wat oft zu onheemlech laange Prozedure féiert, zu komplexe Prozedure féiert, wou et schwéier ass, all Elementer zesummenzekréien.

A si versprieche sech awer eng Verbesserung vun haut, wou oft déi doten Affären herno zu kengem richtegen Uerteel féieren, dass se iwwert deen dote Wee, iwwert d'Transaction pénale awer kéinten e propperen Ofschloss vun de penalen Dossiere kréien.

Dat do ass sécherlech net déi Léisung, fir u sech deen immense Koup vun Affären, penalen Affären ofzebauen, déi sech an eiser Justiz unheefen, mä et ass eng vun e puer Méiglechkeeten, déi sollen hëllefen, dat ze bewerkstellegen.

Mir hu schonn haut de System vun den Ordonnance-pénallen, op deen oft zréckgegraff gëtt. Mir hunn de System vum Juge unique. Mir hunn d'Médiation pénale. An hei gëtt am Fong e véiert Instrument an eist Arsenal vu Prozeduren agefouert, fir eng Beschleunegung ze kréien, wat d'Lëtzebuerger Strofjustiz ugeet.

Mir waren eis eens an der Kommissioun, Här President, dass et wichteg wär, dass d'Regierung géif no dräi Joer praktescher Applikatioun vun deem heiten Text, zesumme mat de Justizorganer, en éischte Bilan zéie vun der praktescher Uwendung an dass mer dat géifen an der Chamber hei gemeinsam diskutéieren, fir ze kucken, wat huet e bruecht, wat sinn eventuell déi Ajustementer, déi mer musse maachen, fir d'Effikassitéit vun deem heite System nach ze verbesseren.

An deem Sënn géif ech hei, wéi gesot, den Accord vun der Kommissioun brëngen a gläichzäiteg och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Ech wëll iwwregens soen, dass déi Zäit, déi aginn ass, net iwwerschratt ass. De Rapporteur huet 20 Minutten. Hei ass ee klenge Mëssel geschitt.

Dir hutt d'Wuert, Här Gloden.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'Éischt, dem Rapporteur Merci ze soe fir säi geschriwwene wéi och mëndleche Rapport an dach engem komplexen Dossier.

An dësem Projet, dee vum deemolege Justizminister François Biltgen nach deponéiert ginn ass, geet et drëm, d'Transaction pénale oder, wéi et elo no den Ofännerungen am Projet de loi heescht, de Jugement sur accord an der Strofprozedur anzeféieren. Dat ass dann och e klenge Paradigmewiessel an eisem Strofrecht.

Am Zivilrecht kenne mer d'Transaktioun, wou Parteien ënner sech probéieren, hirem Sträit en Enn ze setzen, andeem jiddwereen op een Deel vu senge Prätentioune verzicht. An der ziviller Prozedur intervenéiert d'Geriicht am Prinzip net, ausser et gëtt vun de Parteie gefrot, deen Accord aktéieren ze loossen.

Datt en matière pénale ka mam Procureur en Accord ausgehandelt ginn, dee vun engem Geriicht an engem Jugement verankert gëtt, kann, an de Rapporteur huet et gesot, à première vue schockéieren. Mä firwat schockéiert et à première vue? Well mer aus amerikanesche Serien oder Neiegkeete wëssen, datt Ugeklotener sech kënne fräikafen oder en Deal mam Geriicht oder der Statsanwaltschaft agoen, fir datt se iwwerhaapt keng Strof kréien oder eng manner héich Strof. Ganz oft ass et och eng mediatiséiert Prozedur, well oft berühmt Perséinlechkeete vun enger Prozedur Gebrauch maachen, fir net condamnéiert ze ginn oder eng manner héich Strof ze kréien.

Ech hu misse schmunzelen, wéi ech an engem Artikel am „Le Monde" vum 12. Februar 2004 nogelies hunn, datt e gewëssenen Här Strauss-Kahn sech deemools géint esou eng Prozedur ausgesprach huet. Och dat rezent Beispill an Däitschland, wou den Här Ecclestone en contrepartie vun enger Zomm vu 74 Milliounen Euro sech „fräikaaft" huet, huet dobausse fir vill Diskussioun gesuergt.

D'Fro stellt sech also, ob mer mat dësem Projet de loi eng „Deal-or-no-deal"-Strofjustiz maachen. Féiere mer mat dësem Projet de loi eng nei Nischepolitik an der Justiz an? Schafe mer mat dësem Projet de loi eng Zwouklassejustiz, wou déi Räich sech dem Strofgesetz entzéie kënnen?

Mir hunn an der Commission juridique vill iwwert d'Perceptioun vum Public iwwert dës nei Prozedur diskutéiert. Et soll een net verstoppen, an de Rapporteur huet et gemaach, datt et och an dem Milieu juridique Befürworter an awer och Géigner vun esou enger Prozedur ginn. Den Titel vun engem Artikel an der „Süddeutsche Zeitung" vum 24. Januar 2009 gëtt dat gutt zréck: „Warum der sogenannte Deal im Strafverfahren viele Fürsprecher hat - und doch sehr problematisch ist".

Ech wéilt besonnesch dem Procureur Aloyse Weirich an dem Bâtonnier Rosario Grasso vun dëser Plaz aus Merci soe fir déi wierklech exzellent Aarbecht, déi se gemaach hunn an eis et domadder méiglech gemaach hunn, eis dach mat dësem Projet de loi unzefrënnen.

Ëm wat geet et also hei? Et geet drëm, am Respekt vum Ordre public a vun der Justitia d'Strofgeriichter ze entlaaschten am Kader vu Strofdoten, wou ee bis zu fënnef Joer Prisong ka kréien.

Jo, Här President, de Facteur Zäit ass e wichtegt Element am Kader vun engem Strofprozess. Wat d'Prozedur méi laang dauert, wat besonnesch fir d'Victimmen de Cauchemar méi laang unhält. Och eng zäitno Condamnatioun huet e psychologeschen Avantage: De Condamnéierten ass sech senger Schold nach méi bewosst, wéi wann en eréischt no Jore condamnéiert gëtt.

Et ass och kloer, datt duerch dëse Projet de loi kee Beschëllegte sech fräikafe kann. Et gëtt och net am Hannerzëmmer vum Geriicht verhandelt. D'Prozedur ass, esou wéi se elo hei am Projet de loi steet, eng komplett transparent Prozedur. Den Accord tëschent Ugekloten a Parquet gëtt an engem Jugement vum Tribunal festgehalen. D'Tribunal verifizéiert nach eng Kéier, datt alles an der Rei ass, well et geet drëm, jo och ze évitéieren, datt ee sech schëlleg bekennt, obwuel e keng Strofdot gemaach huet. De Schëllege gëtt vum Geriicht condamnéiert.

Op dër anerer Säit ginn d'Rechter vun der Victime, déi Schued erlidden huet, duerch déi Strofdot oprechterhalen. Entweder gëtt den ziville Volet, also normalerweis de Schuedenersaz, och am Accord festgehalen. Wann net, kann d'Victime nach ëmmer, wéi bis elo, virum ziville Geriicht Schuedenersaz akloen.

Esou eng Prozedur gëtt et och mat gewëssen Differenzen a Frankräich, der Belsch an Däitschland.

Doriwwer eraus ass de Prinzip vun engem Accord am Kader vun enger Strofdot vum Europäesche Geriichtshaff fir d'Mënscherechter an engem Jugement vum 29. Abrëll 2014 validéiert ginn. Den Europäesche Geriichtshaff ass zur Konklusioun komm, datt esou eng Prozedur am Aklang mam Artikel 6 betreffend d'Recht op den équitabele Prozess a betreffend d'Présomption d'innocence ass.

De Rapporteur ass schonn am Detail op de Gesetzesprojet, an d'Prozedur agaangen. Erlaabt mer e puer Remarquen.

Goung am initiale Projet nach vun enger „transaction pénale" rieds, si mer no laange Berodungen zum Schluss komm, datt den „jugement sur accord" d'Terminologie ass, déi am beschten d'Ratio legis vun dësem Projet de loi zréckspigelt. Duerch eng Transaktioun gëtt engem Sträit en Enn gesat. D'Geriicht ass net méi zoustänneg. Hei bleift d'Geriicht zoustänneg, well den Accord gëtt eréischt rechtskrafteg doduerch, datt den Tribunal den Accord an engem Jugement verankert. Dofir hu mer, no laangem Hin an Hier, d'Expressioun „jugement sur accord" festgehalen.

Zu all Moment kann am Kader vun enger Prozedur en Accord ofgeschloss ginn. Sief et virun der Instruktioun oder no der Instruktioun a souguer währenddeem eng Affär schonns virum Correctionnel unhängeg ass.

Hei war de Statsrot anerer Meenung. De Statsrot wollt, datt mer déi franséisch Prozedur iwwerhuelen, wou esou een Accord just méiglech ass, éier d'Action publique ugefaangen huet.

Fir wéi eng Infraktiounen ass dës Prozedur dann applikabel?

Fänke mer ganz ënnen un. D'Contraventioune sinn net betraff. Hei ginn et jo schonns accéléréiert Prozedure wéi d'Ordonnance pénale. Op dër anerer Säit ass et natierlech net de Wëllen, fir am Kader vu schwéier Crimme kënnen dem Auteur d'Méiglechkeet ze ginn, iwwer seng Strofmoossen ze verhandelen. Dofir ass d'Prozedur nëmmen applikabel fir Delikter a Crimmen, wou d'Prisongsstrof net iwwer fënnef Joer erausgeet. Des Weideren, an de Rapporteur ass dorobber agaangen, ass d'Assistenz vun engem Affekot obligatoresch während der ganzer Prozedur.

Här President, wéi gesäit d'Prozedur dann elo an der Praxis aus? Dëst ass am einfachste mat engem Beispill ze illustréieren.

Huele mer e Beispill vu Coups et blessures volontaires. De Procureur d'État oder den Auteur schléit een Accord vir. Ass schonn eng Instruktioun beim Juge d'instruction amgaangen, muss deen doriwwer informéiert ginn a gëtt en Avis of un de Parquet. An dësem Avis deelt de Juge d'instruction dem Parquet mat, wéi wäit d'Instruktioun ass a wat nach ze maache wier.

Gëtt en Accord ofgeschloss tëschent dem Parquet an dem Auteur vun der Infraktioun, adresséiert de Procureur d'État un de Juge d'instruction eng Requête, fir d'Instruktioun zouzemaachen. De Juge d'instruction kann dann innerhalb vun e puer Deeg d'Instruktioun zoumaachen a mécht dann e Rapport un d'Chambre correctionnelle. Dëse Rapport gëtt un de Procureur d'État adresséiert an un d'Partei an da muss den Tribunal, also an dësem Fall d'Chambre correctionnelle, den Accord vun engem Jugement validéieren.

Wann de Juge d'instruction net wëllt d'Instruction préparatoire clôturéieren, well e mengt, datt an deem Fall keen Accord kéint ofgeschloss ginn, dann deelt en dem Procureur dat schréftlech mat an enger motivéierter Ordonnance. Géint dës Ordonnance kann de Procureur d'État oder den Auteur vun der Infraktioun Appell bei der Chambre du Conseil maachen.

Wat ass d'Roll vun dem Geriicht, also vun der Chambre correctionnelle? D'Chambre correctionnelle gëtt mam Accord saiséiert. D'Geriicht kuckt, datt eng Rei Informatiounen, wéi se am Artikel 565 virgeschriwwe sinn, dran opgelëscht sinn, wéi d'strofrechtlech Qualifikatioun vun de Faiten, d'Peinen, d'Identitéit vum Auteur an esou weider. An enger Audienz héiert dann de President vun der Chambre correctionnelle d'Parteien zu dem Accord.

Nach eng Kéier kloer gesot: An dem Jugement gëtt d'Culpabilitéit vun dem Auteur zréckbehalen: «(...) le tribunal statue sur la culpabilité (...)», heescht et kloer am Artikel 575. An d'Pei-

nen, wéi se am Accord verhandelt gi sinn, ginn am Jugement festgehalen. Dann ass d'Affär fäerdeg an et kann net méi Appell gemaach ginn.

Et ass wichteg, datt dës nei Prozedur vun den zoustännegen Autoritéiten dem Public dobausse kloer explizéiert gëtt. Et däerf net sinn, datt hei och just de Soupçon bei de Leit opkënnt, datt iergendwéi am Hannerzëmmer vun der Justitia eppes gemauschelt gëtt.

Här Minister, dat ass den Défi vun dësem Gesetz.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Gloden. Nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, virun allem e grousse Merci un de Rapporteur. Dat war, wéi et schonns genannt ginn ass hei, en technesche Rapport, well mer ganz vill verschidde Facetten hu missen nokucken, nokontrolléieren, diskutéieren, vläicht och all Schrëtt nach eng Kéier hannerfroen, fir sécherzestellen, datt mat dëser neier Prozedur am Droit pénal och all Rechter a Flichten, déi d'Justiz muss an engem État de droit garantéieren, garantéiert sinn an och garantéiert bleiwen.

Dëse Projet de loi huet an der zoustänneger Kommissioun fir vill konstruktiv an och munchmol kontrovers Diskussioune gesuergt, deen och mir selwer notamment erlaabt huet, wierklech ganz interessant Sëtzungen ze leeden. Ech mengen, do si mer ons eens.

An dëse Sëtzunge wore mer ëmmer begleet vum Procureur général, vum Procureur vun Dikrech a vum aktuelle Bâtonnier vum Barreau, déi, sief virausgesot, dësem Projet de loi och ganz positiv gesënnt waren. Hinnen och fir dësen interessanten Austausch e grousse Merci.

D'Iddi an d'Philosophie vun dësem Jugement sur accord, dat heescht, eigentlech den Ursprong vun dësem Projet de loi, wéi en elo hei finaliséiert ass, dës Iddi huet am Fong geholl hiren Ursprong fonnt an engem Aarbechtsgrupp, wou all déi implizéiert Institutiounen drun deelgeholl hunn.

Nieft eben deene schonn existéierenden alternative Prozeduren, wéi zum Beispill d'Ordonnance pénale, an et ass ons gesot ginn, datt der 1.100 am Joer gemaach ginn, haaptsächlech eben duerch Delikter am Autosverkéier, nieft der Mediatioun, déi am Droit pénal sech dach awer nach ëmmer schwéierdeet, schafe mir haut eng drëtt, eng zousätzlech Prozedur.

De Rapporteur huet et och explizit beschriwwen. Dëse Jugement sur accord besteet schonn a verschiddenen anere Länner, mä mir hunn et hei an dësem Projet de loi mat enger effektiv spezifescher Lëtzebuerger kalkéiert Prozedur ze dinn.

déi gréng wëllen haaptsächlech op dräi Punkten aus dësem Projet de loi sech konzentréieren, vu datt jo och de Rapporteur zimlech prezis war an all senge juristeschen Aspekter.

Den éischte Facteur ass de Facteur Zäit. An et ass och schonn e puermol hei ënnerstrach ginn, datt d'Geriichter net méi nokomme mat hiren Dossieren, sief et an der Stad oder sief et och zu Dikrech. Et ass och erkläert ginn, notamment vum Procureur général, datt mir zu Lëtzebuerg e Problem hunn, e sougenannte Ressource-humaines-Problem, an datt dat och notamment e Problem ass, fir ebe séier virunzekommen.

Dat war an onsen Aen éischter e generelle Problem. En huet zwar eng Inzidenz op d'Lenteur vun der Justiz. Mir denken awer éischter, datt duerch dëse Projet de loi, datt dee wäert eng Inzidenz op d'Lenteur hunn a vläicht net ëmgedréit. Mä bon, mir sollten u sech net déi hei nei Prozedur aféieren uniquement, well mer e Problem vu Lenteur hunn, well mer e Mangel u Leit hunn, mä éischter, well déi Philosophie vun där neier Prozedur, well mer déi eigentlech positiv fannen.

Ons interesséiert dann och eben de Facteur Zäit fir déi zwee Haaptconcernéiert. An enger normaler penaler Prozedur muss d'Affer sech enger ustrengender Prozedur stellen, wou et gläich e puermol op verschidden Instanze geféiert gëtt. Ëmmer erëm muss et munchmol och extrem penibel, mä op alle Fall ëmmer en désagréabelt Erliewe frësch beschreiwen. Virun der Police bei enger Enquête préliminaire, da beim Untersuchungsriichter, da bei der zoustänneger Juridictioun, gegebenenfalls dann nach eemol.

An de Facteur Zäit erhéicht mat Sécherheet de Schmäerz, d'Gefill, net verstanen ze sinn, zousätzlech zu deem Gefill vun..., oder zu där Ongerechtegkeet, déi engem als Affer ugedoe ginn ass. A jiddweree weess, datt juristesch Prozeduren e verwalteresche Charakter hunn, wou een och oft nach nieft der gudder Portioun Ausdauer muss eng gutt Portioun Courage heiansdo hunn. An am Fall vum Affer ass dat mat Sécherheet de Fall.

Am Fall vun enger Procédure sur accord brauch d'Affer net méi e puermol an op verschidden Instanzen ugehéiert ze ginn. Och dat ass eng enorm Plus-value fir d'Affer, fir déi et méiglech gëtt, nëmmen eemol ugehéiert ze ginn.

Den Täter, deen huet sech mat senger Dot schëlleg gemaach a gehéiert bestrooft fir seng Dot. Am Fall wou net e Minimum vun Asiicht ass, ass wahrscheinlech dës nei Prozedur net déi adequat. Mä am Fall wou den Täter seng Dot zougëtt, muss hien an engem Rechtsstat dann och zouginn, akzeptéieren, datt hien och, loosse mer emol soen, muss no de Regele vun engem Rechtsstat matspillen. An d'Regele vum Rechtsstat si sécherlech net, dem Täter laang Prozeduren ze octroyéieren, mä hien zu enger adequater Strof fir seng Dot ze veruerteelen.

Verschidde Stëmmen denke munchmol un eng Procédure vu Comparution immédiate. Mir als Gréng sécherlech net! Mä wann heiansdo oder oft doriwwer geschwat gëtt, dann ass et grad, well tëschent deem, wat geschitt ass, an tëschent dem Uerteel vun deem, wat geschitt ass, einfach ze vill laang Zäit vergaangen ass an et eigentlech munchmol schwiereg an och net méi richteg ass, net méi engem Recht u sech entsprécht, fir mussen onheemlech laang ze waarden, sief et, fir bestrooft ze ginn, sief et awer virun allem, fir Recht ze kréien oder fir souguer en Deel Reparatioun ze kréien.

Déi zäitlech adequat Relatioun tëschent Dot a Strof respektiv tëschent Dot a Reparatioun ass eminent wichteg, fir ons Gréng bal e Recht. An dës nei Prozedur vu Jugement sur accord ass mat Sécherheet eng Prozedur, déi e Bäitrag dozou leescht.

En zweete Facteur fir ons ass de Facteur Suen. An et ass och fir ons Gréng kloer, datt ee mat engem Jugement sur accord kann d'Fraise reduzéieren. D'Fraisen am Allgemengen, dat heescht déi vum Affer, déi vum Täter a schlussendlech och déi ëffentlech Sue gi reduzéiert. Mir begréissen dat ausdrécklech, ouni wëllen engem ze no ze trieden. Well d'Justiz an d'Recht op Justiz ass munchmol en deiert Recht fir déi concernéiert Leit an och fir d'ëffentlech Hand.

A meeschtens spillt och d'Zäit eng Roll. A ganz oft spillen de Gebrauch vun alle méigleche juristesche Weeër a Méiglechkeeten och eng Roll, fir datt d'Zäit méi laang gëtt a fir datt de Käschtepunkt och méi héich gëtt. Dofir: Kuerz Weeër an eng kloer Situatioun féieren zu manner Käschten!

A schlussendlech, de leschte Punkt fir ons, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen net onwesentlech awer ass, dat ass de mënschleche Facteur vun esou enger neier Prozedur: Se erlaabt oder encouragéiert den Täter, seng Dot direkt zouzeginn. An dat ass wichteg och fir d'Affer. Mir schwätzen hei an esou enger Situatioun direkt an Termen, déi der Wourecht entspriechen, an Termen, déi echt sinn, déi der Realitéit entspriechen.

Et ass schlussendlech eng mënschlech Manéier mateneen ëmzegoen, déi och akzeptéiert gëtt vun deenen zwee Concernéierten. Den Täter weess a gëtt zou, datt e muss bestrooft ginn. D'Affer kritt, wat et brauch, fir iwwert dat, wat him geschitt ass, ewechzekommen.

An aus deene Grënn haaptsächlech, deene manner juristesch, technesch, mä dofir net manner wichteg Grënn, wäerten déi gréng dëse Projet matstëmmen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madame Loschetter. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Guy Arendt.

M. Guy Arendt *(DP).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt wëll ech dem Rapporteur, dem Alex Bodry, Merci soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Et ass dëst net einfach eng Klausel (veuillez lire: Floskel), déi ech esou an d'Welt geheien, mä et ass wierklech éierlech gemengt! Fir esou en technesche Projet war de Rapport wierklech exzellent.

En huet och scho bemierkt, dass d'Infraktiounen zu Lëtzebuerg vu Joer zu Joer ëmmer weider zouhuelen. D'Plaz fir Prisonéier ass staark limitéiert an d'Mille vun eiser Justiz dréinen, duerch eben d'Zuel vun den Dossieren, oft vill ze lues.

Aus dësen Ursaache sti bei der Justiz an dem Strofvollzuch an nächster Zäit eng Rei wichteg Reformen un. Nieft dem Vote iwwert d'Maison d'arrêt Uerschterhaff, gëtt d'Exécution des peines reforméiert an eng Administration pénitentiaire geschaf. Et ass och en Débat iwwer alternativ Sanktiounen zum Fräiheetsentzuch geplangt. Do dernieft gëllt et och, d'Direktiv „Victimes" esou séier wéi méiglech ëmzesetzen.

De Projet, iwwert dee mer haut ofstëmmen, soll da virun allem derfir suergen, dass eis Justiz méi séier schaffe kann, andeems nieft der Ordonnance pénale an der Mediatioun mat dem Jugement sur accord eng drëtt Prozedur agefouert gëtt, déi d'Geriichter entlaaschte soll.

Ech ginn net op d'Detailer vun der Prozedur vum Jugement sur accord an, meng Virriedner hunn dat schonn am Detail gemaach, déi de Rapporteur och schonn exzellent presentéiert an erkläert huet.

Wat bei dësem Projet wichteg ass, ass Folgendes: Et geet net drëm, hei Gemauschels ze féieren, mä et soll drëm goen, ënner alle Parteien eng ugepasste Strof fir dee Schëllegen ze fannen, déi en fin de compte vun engem Geriicht guttgeheescht gëtt. Et gëtt also näischt am stillen Kämmerlein gekoschtert!

Erlaabt mer kuerz e puer generell Remarquen ze maachen.

Fir d'Éischt emol muss een ervirsträichen, dass d'Aart a Weis, wéi dëse Projet ausgeschafft ginn ass, virbildlech ass! Et ass nämlech e Groupe de travail agesat ginn, a meng Virriedner si schonn drop agaangen, dee sech aus Vertrieder vum Parquet, der Police, vu Magistraten an Affekoten zesummegesat huet. Dësen Aarbechtsgrupp huet derfir gesuergt, dass de Projet de loi équilibréiert a fachlech korrekt gestalt konnt ginn an den Uregungen a Bedenke vun alle bedeelegten Akteure gerecht konnt ginn.

Vu menger Säit wëll ech och dem Aloyse Weirich, Procureur d'État zu Dikrech, an dem Kolleeg Bâtonnier Rosario Grasso e grousse Merci ausdrécke fir déi exzellent Aarbecht, déi se gemaach hunn, mat hire Mataarbechter respektiv, natierlech.

Eis Prozedur vum Jugement sur accord ass also keng einfach Kopie vun engem auslänneschen Text, mä ass eng adaptéiert Solutioun fir Lëtzebuerg. Nëmmen esou ka séchergestallt ginn, dass och alle lëtzebuergesche Gegebenheete Rechnung gedroe ka ginn.

Dann ass et awer och - trotz alle Beméiungen, déi penal Prozeduren ze vereinfachen a virun allem méi séier an effizient ze gestalten -, do ass et ganz wichteg, weiderhin d'Rechter vun alle Bedeelegten ze respektéieren. Dozou geféiere virun allem d'Ufuerderungen, déi d'Europäescht Geriicht fir Mënscherechter un e Procès équitable stellt. Dës Ufuerderunge gi vun dësem Projet de loi respektéiert, wat fir eis als Demokratesch Partei eng net verhandelbar Konditioun ass, fir dëse Projet matzestëmmen.

Fir ze verhënneren, dass an der Praxis awer eppes net esou klappt, wéi mir eis dat hei alleguerte virstellen, begréisst an ënnerstëtzt d'DP dann awer och, dass an dräi Joer eng Evaluatioun vum Jugement sur accord gemaach soll ginn.

Dëse Jugement sur accord kann a soll e ganz wichtege Bestanddeel vun eisem Rechtssystem ginn. Eng Infraktioun, déi eng Instruction criminelle ausléist, ka fir ganz vill Leit voll Konsequenze sinn! Dat sinn an éischter Linn natierlech d'Victimmen an den Auteur vun der Infraktioun, awer och d'Familljen a Bekannter vun deenen zwou Säiten oder och méiglech Zeien. Fir all dës Leit ass d'Period vun der Instruction criminelle bis zum Prozess an dem Uerteel eng ganz schwéier a belaaschtend Zäit. D'Aussoe mussen ëmmer erëm widderholl ginn. Dat Erlieftent muss ëmmer erëm virun den Aen ofgespillt ginn, wat bei verschiddenen Infraktioune ganz penibel an éprouvant ass!

Et ass also am Intérêt vun all de Bedeelegten, wann iwwert d'Procédure vum Jugement sur accord dës Zäit staark ageschränkt gëtt. Aus deem Grond bleift mir da just nach, den Accord vun der DP-Fraktioun ze ginn an Iech Merci ze soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Arendt. An ech ginn dovun aus, dass den Nächsten den Här Roy Reding ass.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, effektiv huet den Alex Bodry dat heite Gesetz esou gutt erkläert, datt och Netjuriste ganz bestëmmt verstanen hunn, wourëm et geet an datt dat eng ganz gutt Saach ass.

Virun allem war et eng ganz flott legislativ Prozedur, well wierklech emol eng Kéier d'Praktiker e Gesetz, jo, geschriwwen hunn, kann ee soen. Leit, Penalisten, Affekoten, Magistraten, Leit vum Parquet, déi wëssen, wourëm et geet an déi hei eng exzellent Aarbecht gemaach hunn. Net ëmsoss huet de Léon Gloden ganz speziell dem Aloyse Weirich, dem Roby Biever an dem Maître Grasso Merci gesot.

Ech perséinlech hunn u sech eng eenzeg Kritik, wat den Text selwer ugeet, an dat ass déi Limitatioun op fënnef Joer, also datt nëmme Saachen, déi mat fënnef Joer Prisong bestrooft ginn, kënnen ënnert dës Transaktioun falen.

An do gräifen ech dat op, wat d'Viviane Loschetter zu Recht gesot huet. Eng vun den Ursaachen, déi heite Procédure accélérée - kommt, mir nenne se emol esou - ze maachen, ass, fir enger Victime ze erspueren, ëmmer erëm an och ëffentlech mussen auszesoen.

A grad do kann ee sech Saache virstellen, déi mat méi wéi fënnef Joer bestrooft ginn. Ech soen einfach emol Kannermëssbrauch, Vergewaltegung an esou weider, déi extrem grav sinn. Mä et kéint ee jo och an deene Fäll déi Transaktioun maachen. Et seet jo keen, datt déi Strof dann duerfir misst null sinn, nichteg sinn oder onugepasst sinn deem, wat eigentlech begaange gouf.

Méi schlëmm schéngt mer de Kontext vun deem Ganzen ze sinn. An do sinn déi Zuelen, déi den Alex Bodry genannt huet, jo awer erschreckend! E seet eis, tëschent 50.000 a 60.000 nei Affaires pénales kommen op de Parqueten eran. 15.000 bis 16.000 ginn offiziell klasséiert. Et kënnt zu 10.000 Jugements an Ordonnances pénales.

Dat heescht, datt méi wéi d'Halschent nimools traitéiert gëtt, weder offiziell klasséiert nach zu engem Jugement féieren! Dat heescht, datt se ganz einfach prescrivéieren, datt de Parquet Zäit versträiche léisst, déi en hätt, fir déi Saach ze poursuivéieren. An hei muss ee sech froen: Wat fir een exorbitante Pouvoir huet dee Parquet, fir ze décidéieren, dech, Mënsch, sichen ech un, du kënns virun de Kadi, an deng Affär, déi loosse mer am Tirang leien a verstëpsen?

Ech sinn der Meenung, kee Pouvoir hei am Land däerf exercéiert ginn ouni e Contrôle! Och eisen heibanne gëtt jo net exercéiert ouni Contrôle. Och mir mussen eis jo all fënnef Joer dem Wieler stellen. A keen anere Pouvoir gëtt ouni Contrôle exercéiert. Firwat ausgerechent deen, deen esou schlëmm ass, fir ze décidéieren, wat fir e Mënsch ugeklot gëtt a wat fir een net? Wéi kann et sinn, datt esou ee Pouvoir ouni dee geréngste Contrôle an och ouni och nëmmen eng qualitativ Analys exercéiert gëtt?

Oder wësse mer, Här Justizminister, wat fir eng Affäre prescrivéiere gelooss ginn? Wat fir eng am Schaf verstëpsen? Wat fir eng Infraktiounen datt dat waren? Mir wëssen et net!

Ouni aus der Schoul ze schwätzen: Ech kéint lech erziele vu Vol domestique, vu Menace d'attentat, vu Faux, Usage de faux, déi prescrivéiert sinn. An ech kann lech garantéieren, datt onwichteg, klenglech, och zum Deel Infraktiounen, déi et guer net gi sinn, poursuivéiert goufen. An ech konnt mech der Impressioun net erwieren, datt heiansdo Leit do eng Muecht och ausspillen a jee no der Persoun, déi betraff ass, décidéieren.

Da gëtt et eng aner Fro, och déi ass wichteg, a méi wichteg wéi déi: Ass hei e Gemauschels méiglech? Neen, et ass net, well dat Gesetz dat ausschléisst! Mä kuckt emol - an och do, mengen ech, hu mer keng Analyse qualitative -, wat fir eng Uerteeler gesprach ginn, d'Hiérarchie des peines. Wat gëtt mat wat bestrooft? Mir maachen heibannen ëmmer Gesetzer, mat Recht, wou mer soen, et gëtt bestrooft mat Amendë vu/bis a mat Prisong vu/bis. Dat soll jo dem Riichter d'Méiglechkeet ginn, emol méi oder emol manner haart ze strofen, jee no de Circonstancen oder jee nom Akommes vun enger Persoun. Dat ass och gutt esou!

Mä gëtt dat ëmmer gemaach oder kommen aner Kritären an d'Spill? Ass et normal, datt e Chèque sans provision mat sechs Méint Prisong bestrooft gëtt an en Accident, deen ee causéiert huet ënner Alkoholafloss op engem Foussgängersträif, wou een eng Persoun zum Krëppel gefuer huet an duerno Fahrerflucht begaangen huet, och mat sechs Méint? Dat fannen ech net normal!

An ech fannen, do misst zumindest e Regëster agefouert ginn, eng Analyse qualitative, an och do misst et e Contrôle ginn, wat do geschwat gëtt. Dat géif ech ganz normal fannen an eisem Rechtsstat.

Mä fir de Rescht fannen ech dësen Text exzellent an duerfir wäerte mer e selbstverständlech och stëmmen als ADR. Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Reding. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Här President, ech wëll och hei mäi Bedenken awer zum Ausdrock bréngen zu deem Text hei. Ech ka mer virstellen, dass en a ville Situatiounen eng gutt Léisung ass. Ech fäerten awer trotzdeem, dass mer hei e Schrëtt maachen, fir d'Gläichheet virum Gesetz awer anzeschränken.

Egal wéi gutt et gemengt ass, egal wéi gutt déi prozedural Précautioune sinn, déi mer hei huelen, ech sinn iwwerzeegt, dass en aarmen Däiwel, dee viru Geriicht soll kommen, méi schlecht ewechkënnt an Zukunft heiduerch, wéi ee mat deenen néidege Mëttelen an ee mat deenen néidege Relatiounen. Dat ass einfach esou an der Gesellschaft. An duerfir fäerten ech, dass mer heimadder nach e Schrëtt weider maachen, fir déi Ongläichheet vun de Leit virum Geriicht nach weider ze prononcéieren.

Ech hätt léiwer gesinn, amplaz dat hei ze maachen, wa mer higaange wieren, wat och de Statsrot gesot huet, a mer hätten eng generell Diskussioun gefouert iwwert d'Noutwendegkeet an iwwert d'Héicht vun de Strofen. Do gëtt et och ganz grouss Ongläichheeten!

Ech wëll nëmmen ee Beispill ginn, de Ministre du Travail ass hei: Wéi de Code du Travail agefouert ginn ass virun enger Partie Joren, sinn emol systematesch déi meescht Penalitéite fir d'Patronen aus dem Code du Travail erausgeholl ginn, während awer aner Saachen ëmmer nach haart bestrooft ginn.

Wou ee sech wierklech emol eng Kéier misst d'Fro stellen, an den Här Reding huet dat jo och elo gemaach, iwwert d'Hierarchie vun de Strofen, iwwert d'Héicht vun de Strofen, iwwert d'Roll vum Prisong an deem Ganzen.

Duerfir, obschonn ech der Meenung och sinn, dass dat hei a gewësse Fäll kann eng Léisung sinn, fäerten ech déi Ongläichheeten, déi domat verbonne sinn. Ech wäert mech hei enthale bei dësem Gesetz an ech waarde virun allem emol op dee Rapport, dee soll no dräi Joer kommen, wou mer da gesinn, wéi d'Praxis heivunner wäert ausgesinn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Urbany. An d'Wuert huet den Här Justizminister, de Félix Braz.

Prise de position du Gouvernement

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.-* Merci, Här President. Ech wëll do am Fong och ufänken, wou de Rapporteur, den Här Bodry, ugefaangen huet. En huet verwisen op déi héich Unzuel vun Affären. Aner Riedner sinn och schonn dorop agaangen.

Eppes ass net erwähnt gi bei der Erklärung vun de villen Affären, dat ass, dass et och an eiser Gesellschaft offensichtlech eng Tendenz gëtt, fir villes, wat ee soss ouni Geriichter fäerdegbruecht hätt ze léisen, elo just nach op den Niveau vun de Geriichter ze bréngen, fir eng Léisung vun deem Konflikt erbäizeféieren. Och dat ass en Zeeche vun eiser Zäit. Wat een dergéint kann ënnerhuelen, weess ech net. Et bleift mer just iwwreg, dat festzestellen an och festzestellen, dass d'Geriichter domadder da mussen eens ginn.

Dat ass och e Problem, deen net vun engem Minister ka geléist ginn, mä wou och vläicht jiddweree sech d'Fro muss stellen, ob mer ëmmer alles mussen op d'Geriicht huelen an ob net aner Methoden dofir an Zukunft méi Bedeitung misste kréien. Stéchwuert Mediatioun, mengen ech, ass mat Sécherheet eent, wat méi Bedeitung an den nächste Jore misst kréien.

Et ass och geschwat ginn, nieft der héijer Unzuel vun Affären, vun de Lenteuren, déi d'Justiz kann hunn. Et ass geschwat gi vun den Effektiven. Sécher, mat méi Leit kann ee méi Affäre verschaffen. Ech wëll d'Chamber awer just drop hiweisen, dass, wa mer vun Effektive schwätzen, d'Justiz am Moment Schwieregkeeten huet, ze rekrutéieren. Mir kréien am Moment den Effectif légal net gefëllt. Déi Plaze si fräi. Et ass also keng Fro vun nach méi Plaze fräi ze maachen, obwuel dat op bestëmmte Plazen duerchaus sënnvoll kéint sinn. Mä mir kréien am Moment den Effectif légal iwwert de Concours net gefëllt.

Dat heescht, mir hunn also Plaze fräi a mir fanne keng Kandidate fir déi Plazen. Dofir hunn ech och e Projet déposéiert virun e puer Wochen, deen d'Prozedur, den Zougang zum Examen-concours soll vereinfachen, erliichteren an deen awer och soll erlaben, Leit, déi wéinstens fënnef Joer um Barreau ageschriwwe sinn, och den Zougang zum Attaché de justice ze erliichteren.

Här Reding, do wär souguer fir Iech nach eng Perspektiv dran.

(Hilarité)

Et ass e Projet de loi, dee mer, mengen ech, alleguerten ouni grouss Begeeschterung maachen, well mir alleguerte léiwer hätten, mat där Prozedur, déi mer elo hunn, dass mer domadder kéinten d'Effektiven alleguerten assuréieren. Well dat awer net de Fall ass, huet et kee Wäert, driwwer ze lamentéieren. Da muss een eppes ënnerhuelen. An dofir hunn ech e Projet gemaach, dee probéiert, deem Problem do bäizekommen, ouni riseg Begeeschterung, mä mam Versuch zumindest, fir de Problem, dee mer hunn, awer ze léisen.

Et ass gesot ginn, dass dëse Projet natierlech als Zweck huet, eng Rei Affäre kënne méi séier ze maachen. Ech wëll awer och ënnersträichen, dass et net nëmmen ëm Lenteure geet, net nëmmen ëm Affäre méi séier evakuéieren. Ech wëll ausdrécklech ënnersträichen, wéi wichteg et ass, fir d'Victime an awer och fir den Täter, den Inculpéierten, dass ee séier zu engem Ofschloss vun der Affär kënnt.

Net nëmme fir d'Geriichter ze désengorgéieren, mä fir deen Eenzelnen ass et wichteg, fir deen, deen eng Dot begaangen huet, a vläicht nach méi fir déi, déi d'Affer gi si vun enger Dot, dass se séier wëssen, wou se dru sinn. Et ass also och am Intérêt vum Justiciablen, egal op wéi enger Säit en am Kader vun engem Prozess steet. An zu deem Zweck hëlleft dësen Text mat Sécherheet och.

Ech mengen, dass d'Chamber haut invitéiert ass, e Projet ze adoptéieren, dee ganz wichteg ass. Et ass wuel nëmmen e Prozedurprojet eigentlech, mä et ass awer eng nei Prozedur, an déi d'Akteure vum Monde judiciaire grouss Erwaardunge setzen.

Mir mussen, wéi an anere Länner och, aner Methode fannen, zousätzlech Methode fannen, fir d'Konflikter zu Lëtzebuerg ze regelen. Ech hu virdru schonn d'Mediatioun genannt am penale Beräich, awer natierlech och d'Médiation civile an och d'Médiation commerciale. Och den Arbitrage, fir deen et nach keng eigentlech Base légale gëtt. De Juge unique ass och virdru schonn erwähnt ginn. D'Ordonnance pénale. Dat si sécher nei Elementer an dat heiten ass ee weidert, déi eis et wäerten erlaben, mat neie Méiglechkeeten Atteinten zum Ordre public zu engem Ofschloss ze bréngen, ouni dass d'Intérête vun iergendenger Partei léséiert wieren.

Ech ginn zou, ech gehéieren zu deenen, wou mäi Virgänger, de François Biltgen, dee Projet déposéiert huet, déi Skepsis haten. An der Commission juridique war déizäit, an och elo, e groussen Deel Skepsis. Dat war och gutt, well dat huet erlaabt, dass een, ausgehend vun där Skepsis, eng déif gräifend Diskussioun vum Projet gemaach huet.

Ech wëll och hei dofir net nëmmen dem Rapporteur Merci soen, mä der ganzer Commission juridique. Déi nei Regierung huet wuel dee Projet iwwerholl, net vum Rôle erofgeholl, mä hei huet wierklech, fir meng Begréffer, eng exemplaresch parlamentaresch Aarbecht stattfonnt. D'Chamber huet sech de Projet, jo, quasi appropriéiert an a villen an intensiven Diskussiounen déi Änderungen am Text gemaach, déi haut dozou féieren, dass mer en Text um Dësch leien hunn, deen ech och fir e ganz équilibréierten halen.

D'Regierung huet also kee Problem mat deem heiten Text. Au contraire, ech wëll wierklech déi Qualitéit vun der Aarbecht ënnersträichen, déi d'Chamber gemaach huet. Ouni d'Aarbecht vun der Chamber wier et net méiglech gewiescht, deen Text haut op déi Qualitéit ze kréien. Och well d'Chamber bereet war, deenen nozelauschteren a mat deenen am Gespréich ze sinn, déi am Alldag mat dëse Prozedure musse schaffen.

Déi Leit vum Parquet, un der Spëtzt de Procureur général, awer ganz besonnesch och eise Procureur vun Dikrech, den Här Weirich, an och de Bâtonnier vu Lëtzebuerg, de Rosario Grasso, déi der Chamber zur Verfügung stoungen an déi mat villen Argumenter, och aus der Praxis, et erlaabt hunn, den Text schlussendlech esou wäit ze kréien, dass en déi Feinheet huet, déi en haut huet.

An dofir deelen ech och dem honorabelen Här Urbany seng Bedenken net. Bedenken ass richteg, mä Bedenken ass jo net en Ofschloss vun enger Reflexioun, just den Ufank, Här Urbany. An ech mengen, dass d'Chamberskommissioun, déi déiselwecht Bedenken hat wéi Dir, dunn d'Reflexioun weidergefouert huet an zesumme mam Bâtonnier a mat de Leit vum Parquet op en Text komm ass, deen elo, mengen ech, wierklech en eegestännege Lëtzebuerger Text ass an en Text awer och, deen déi Qualitéiten huet, déi e soll hunn.

Mir hunn eis inspiréiert, natierlech, un eisen Nopeschlänner. Ob dat elo Frankräich ass mat dem „plaider-coupable" oder Däitschland mat der Verstännegung oder an der Belsch mat der „transaction pénale", en Term, dee mir jo hei zu Lëtzebuerg net bäibehalen hunn an zu deem, wéi ech och fannen, méi richtegen Term vum „jugement sur accord" iwwergaange sinn.

Merci nach eng Kéier, wéi gesot, fir déi ganz gutt Zesummenaarbecht. A mir wäerten och domadder eise prozeduralen Éventail méi breet kënne maachen, fir eng Rei Affären a méi verstännegen Délaie kënnen ze evakuéieren. Et sinn déi Affären, an et ass e fundamentale Punkt, wou d'Faiten onmëssverständlech etabléiert sinn, wou et also doriwwer keng Diskussioun ka ginn, a besonnesch, wou de Schëllege seng Schold unerkennt. Dat ass e fundamentale Punkt.

De Schëllege muss dès le départ an deem Sënn gestänneg sinn, dass en d'Faiten a seng Schold och net méi kontestéiert. Dat ass ganz wichteg fir deen, dee betraff ass. Et ass och ganz wichteg fir d'Victime. Ech mengen, d'Madame Loschetter huet dat virdrun an hirer Ried och ënnerstrach. Och fir d'Victime ass et wichteg, dass dès le départ déi Fro zumindest scho gekläert ass. Wat nach bleift, dat ass d'Diskussioun ronderëm déi adequat Strof. Wat eng ganz wichteg Diskussioun ass. Mä et ass, mengen ech, och fir d'Victime eng Prozedur, déi mat Sécherheet hir Avantagen huet.

Ech erspueren Iech den Detail vun de Punkte vum Gesetz. Dat huet de Rapporteur op eng ganz komplett an exhaustiv a kohärent Aart a Weis och duergeluecht. Do hunn ech absolutt näischt bäizefügen. Ech wëll dofir just nach zwee, dräi positiv Aspekter vun dëser Reform nach eng Kéier ënnersträichen.

De Rôle vun der Victime, dat hunn och schonn eenzel Virriedner virdrun erwähnt. Ech wëll der Chamber och matdeelen, dass de Projet de loi iwwert d'Emsetzung vun der Direktiv „Victimes" nach virum Summer wäert déposéiert ginn, zesummen och, virdru schonn, mat enger Rei vun anere Projets de loi, déi och den Här Arendt a senger Ried erwähnt huet, ob dat d'Exécution des peines ass, wou et viraussiichtlech zum Dépôt wäert komme vun engem neien Text, well et esou vill Amendemente sinn, déi mussen integréiert ginn. Dat géif eng kohärent Aarbecht nëmmen erschwéieren. Mir mengen, et wär besser, mir géifen en neie Projet déposéieren. An den nächste Woche wäert dat och méiglech sinn. Op jidde Fall nach am Laf vum éischte Semester wäerte mer dee Projet an der Chamber kënnen déposéieren.

Wichteg ass och fir mech, ze ënnersträichen, dass dëse Projet eng ganz transparent Prozedur wäert mat sech bréngen. Déi, déi d'Suerg hate vum Gemauschels, wéi gesot gëtt, op enger Plaz, wou kee ka matlauschteren oder matschwätzen, déi Bedenke sinn net justifiéiert. Déi Prozedur, déi elo am Text zréckbehale ginn ass, ass eng transparent Prozedur, mat um Enn och engem Jugement. De Virworf also, an engem Jugement, an enger Audience publique, vun der mangelnder Transparenz ass mat Sécherheet net richteg.

Méiglech gëtt et och hei, Délaien ze verbesseren. Besonnesch bei Affären, där mer der awer ganz vill hunn, déi mam Code de la route ze dinn hunn. Dat sinn Affären, déi kënnen iwwert dëse Wee evakuéiert ginn. Dat sinn oft keng esou komplizéiert Affären, déi awer laang an der Prozedur kéinte bleiwen. Dat huet kee Gewënn, fir keen. Dofir, wann een dat iwwert dëse Wee ka maachen, mam Accord vun..., sief et op Initiativ vum Parquet oder och vum Betraffene selwer, da kann dat eis virubréngen.

Ech wëll awer och soen, dass selbstverständlech déi hei Prozedur elo net d'Universalléisung fir all eis Schwieregkeeten ass. Mir hunn nach aner Schwieregkeeten. Mir hunn och nach aner Méiglechkeeten, fir och an de Prozeduren nach Vereinfachungen ze maachen. Et gëtt keng simpel Léisung. De Constat, dee gemaach ginn ass, dee kann ee méi oder manner schaarf prononcéieren, mä de Constat eleng ass nach net den Ufank vun der Léisung.

Mir brauchen och dofir méi villschichteg Léisungen. Et gëtt net eng Léisung eleng, fir den Délaien op de Geriichter kënne bäizekommen. Et gëtt méi Léisungen. Dat hei ass eng vun deenen, déi nei Prozedure schafen, déi d'Rechter vu jiddwerengem respektéieren. Well dat ass e wichtegen Enjeu. Et kann ee sécher d'Prozedure vereinfachen, dat ass à la rigueur relativ liicht, d'Prozeduren ze straffen, ze vereinfachen. D'Schwieregkeet besteet doranner, déi Vereinfachung esou auszegestalten, dass se mat de Rechter souwuel vun de Victimme wéi vun den Accuséë kompatibel ass.

Rechter ofzeschafen, vereinfacht och d'Prozeduren. Dat ass awer net dat, wat mer ustriewen. Dofir muss een, bei all Verständnis fir e Bilan, deen een heiansdo mécht, deen och streng ass, muss een ëmmer am Hannerkapp hunn, dass d'Léisungen net kënnen esou sinn, dass se d'Rechter vun de Leit entaméiere ginn. An dat ass jo och dee schwieregen Équiliber, deen hei an der Commission juridique probéiert ginn ass ze erreechen an dee fir meng Begréffer och erreecht ginn ass.

Eng nei Prozedur, déi kann Délaie verkierzen, ouni awer, dass Rechter vu sief et dem Accusé an och besonnesch net der Victime dovunner tangéiert wieren. Dat ass ëmmer d'Schwieregkeet. An dofir sinn och d'Léisungen net esou einfach ze maachen an ze gestalten, wéi et einfach ass, de Bilan ze maachen an op d'Lenteuren hinzeweisen.

Et ass de Wonsch och geäussert ginn, dass een e Bilan vun dësem Gesetz géif maachen. Den Här Reding huet och d'Fro opgeworf: Firwat bleift Der gäre bei deene fënnef Joer stoen? Firwat net méi? Et ass eng Fro, déi een, fir meng Begréffer, absolutt kann diskutéieren.

Ech mengen, hei ass wierklech de Versuch gemaach ginn, fir déi nei Prozedur esou anzeféieren, dass mer se kloer a prezis perimetréiert hunn. Et ass eng Approche gewiescht, ech wëll net soen, dass se virsiichteg ass, mä si ass räsonabel an duerchduecht. Wat net heescht, dass een net op deem engen oder anere Punkt eng Entwécklung ka maachen. Ech mengen, et besteet kee Problem, fir an dräi Joer och doriwwer ze diskutéieren, ob et muss bei fënnef Joer stoe bleiwen oder net.

À ce stade fannen ech et awer eng verstänneg Approche, de Kader vun där neier Prozedur esou kloer ofzestiechen. Et ass eng räsonabel Approche. An ech engagéiere mech virun der Chamber, dass mer an dräi Joer heiriwwer de Bilan maachen. Mir brauchen och dofir keng Motioun. Mir sinn eis eens. Kommt, mir schreiwen eis all an den Agenda am Januar 2018 de Bilan op! Da kënne mer iwwert dës Mesure diskutéieren.

A mir wäerten och nach an den nächste Méint a Jore bis dohinner mat Sécherheet méi wéi eng Kéier d'Geleeënheet kréien, eis iwwert dësen Themekomplex ze ënnerhalen. Do sinn nach aner Saachen ënnerwee. Et ass och noutwendeg. A mat Ärer Ënnerstëtzung kënne mer déi och virubréngen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Justizminister.

Mir sinn domat um Enn vun den Diskussiounen zum Projet 6518 a mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert den Ensembel vum Projet de loi iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6518 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss. De Projet de loi 6518 ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Enthalungen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Diane Adehm), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel (par M. Serge Urbany) et Serge Urbany.

Ech ginn dervun aus, dass d'Enthalunge genuch motivéiert sinn. An ech géif dann d'Chamber froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zum Projet de loi 6586 iwwergoen. Et geet ëm d'Transpositioun vun der Direktiv 2004/113/CE an et geet ëm de Prinzip vun der Égalité de traitement tëschent Männer a Fraen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgelaecht an d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den éierewäerten Här Marc Angel.